Stauséigemeng

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

STAUSÉINEWS 02/2024



# NATIONALFEIERDAG 2024 INVITATIOUN

lu Léif Matbierger, léif Matbiergerinnen,

Am Numm vun der Gemengeverwaltung invitéiert de Schäfferot Iech häerzlech op d'Feierlechkeeten um Virowend vun **Nationalfeierdag, Samschdes, den 22. Juni 2024 ëm 18.30 Auer** zu Harel an der Porkierch wou no der Mass den TE DEUM, encadréiert vun de Gesangveräiner aus der Gemeng, zelebréiert gëtt.

No der Gedenkfeier virun der Kierch mam Spille vun der Nationalhymn geet ee Cortège lass bis bei de Festsall wou déi traditionell Receptioun mat musikaleschem Encadrement vun der Hareler Musek gehalen gëtt.

Fir Iessen a Gedrénks souwéi d'Animatioun vun eise jonke Bierger mat engem Sprangschlass ass gesuergt.

# FÊTE NATIONALE 2024 INVITATION

fr Chers concitoyens, chères concitoyennes,

Au nom de l'administration communale, le collège échevinal a l'honneur de vous inviter aux festivités de veille de **Fête nationale, le samedi 22 juin 2024 à partir de 18.30 heures à l'église paroissiale de Harlange,** où sera officié après la messe le TE DEUM, encadré par les chorales réunies de la commune.

Suivi de la cérémonie commémorative au son de l'hymne national sur le parvis de l'église et d'un cortège pour rejoindre la salle des fêtes où se tiendra une réception encadrée musicalement par l'harmonie de Harlange.

Une petite restauration ainsi que pour nos jeunes citoyens, une animation sous forme de château gonflable sont prévues.



Stauséigemeng

# National Velo- Meeschterschaften an der Stauséigemeng

Wéi schonn 2021 sinn och dest Joer **National Meeschterschaften** um Vëlo op de Stroossen vun Harel an Ëmgéigend. Harel, Béiwen, Ischpelt a Walter si direkt Betraff.

Hei puer wichteg Informatiounen zum Oflaf vun de Manifestatiounen an den domat verbonnenen Behënnerungen am Verkéier:

## Mëttwoch, den 19.06:

**Opbauaarbechten am Beräich Fatima:**

17h00; Spärung vun der Stréck ab Kierfecht (Fatima a béid Richtungen fir ca 2 Stonnen). Ëmleedunge ginn ausgeschëldert.

## Donneschden, den 20.06:

**Coursen fir Masters- a Jugendkategorien: Ufank 15h00, Ofschloss géint 19h45.**

Wärend de Kompetitiounen ass de Verkéier am **Sens Unique** gereegelt. Fueren a Richtung vun der Kurs ass erlaabt. Aus verständleche Grënn ass fuere géint Course verbueden. P&CH a Gemeng schëlderen Ëmleedungen aus.

## Freides den 21.06 : Zäitfueren (CLM)

**Eischten Depart ass um 16h45, lescht Arrivée géint 21h00.**

Beim Zäitfueren ass Streck vu Fatima / Potto / Béiwen / Fatima a béid Richtunge komplett fir all Verkéier gespaart. Dofir biede mir Iech de Beräich ze ëmfueren.

## Samschden, den 22.06

Keng Kompetiounen (keng Aschränkungen).

## Sonnden, den 23.06

**Courses en ligne fir Junioren, Dammen, Espoirs an Elite:**

Optakt mat de Junioren an den Dammen, Depart um 10h00 respektiv um 10h05. Ofschloss vun de Kompetitiounen géint 17h00.

Och hei ass de Verkéier am Sens Unique gereegelt. (Detailer zu de Strécken gesitt dir op der Récksäit!)

## Puer Wuert zur Sécherheet:

Sécherheet vun de Coureuren huet iewescht Prioritéit. Dofir biede mir Iech, d'Uweisunge vun der Police, de ville fräiwëllege Stréckeposten, de Begleetmotorrieder an dem Sécherheetspersonal ze befollegen.

Weider ginn all Feld- a Bëschwee er, déi an de Circuit féiere, gespaart.

**Am Numm vun de Sportler** soe mir Merci fir Äert «Verstees de mech» fir Stéierungen am Verkéier!

**Fir Frënn vum Vëlossport:** Den detailléierten Programm vun de Kompetitiounen:



## De Programm op e Bléck:

### Donneschden, den 20.06.24

| | | |
|---|---|---|
| 15h00: | **Masters** | 7 Ronnen zu 8,3km = 58,1 km |
| 16h50: | **Cadets** | 5 Ronnen zu 8,3km = 41,5 km |
| 16h55: | **Minimes** | 3 Ronnen zu 8,3km = 24,9 km |
| 18h20: | **Debutants** | 7 Ronnen zu 8,3km = 58,1 km |

### Freiden, den 21.06. Zäitfueren (16h30 - 20h30)

| | |
|---|---|
| 16h30 - 18h30: | Debutants, Juniors & Masters |
| 18h30 - 20h30: | Espoirs & Elites |

### Sonnden, den 23.06.24


| | | |
|---|---|---|
| 10h00: | **Juniors** | 5 Ronnen zu 18,1km = 90,5 km |
| 10h05: | **Dames** | 4 Ronnen zu 18,1km = 72,4 km |
| 13h30: | **Espoirs** | 8 Ronnen zu 18,1km = 144,8 km |
| 13h30: | **Elites** | 8 Ronnen zu 18,1km = 144,8 km |

17h30: **Ofschlosszeremonie encadréiert vun der Hareler Musik**




Villäicht hot den een oder aneren Zäit a Loscht eng Hand mat un ze paken,
z.Bsp an der Funktioun vum Stréckeposten!
Jo? Hei ass Adress fir Umellung an Informatiounen:
**secretaire@velowoolz.lu**






**Donneschden, 15h00 bis 20h00** *(Fatima / Ischpelt / Walter / Harel / Fatima)*

Parcours vum Zäitfueren, **Freiden 21.06 tëschen 16h30 bis 21h30** *(Fatima / Potto / Béiwen / Fatima)*

**Sonnden, 10h00 bis 17h30** *(Fatima / Potto / Béiwen / Fatima / Ischpelt / Walter / Harel / Fatima)*



**Commune
du Lac de la Haute-Sûre**

1, rue Laach
L-9655 Harlange

T. : 99 35 54 - 1
F. : 99 35 53

www.lac-haute-sure.lu